# Theater – Beruffer a Präisser

*D'Federatioun vun de professionellen Theateren zu Lëtzebuerg war dëst Joer fir d'alleréischt op der Foire de l'étudiant mat engem Stand vertrueden. Et goung drëm, ganz allgemeng fir artistesch Beruffer ze sensibiliséieren a méi am speziellen Theaterberuffer virzestellen, fir domat och mat enger ganzer Parti Viruerteeler a Klischeeën opzeraumen.*

Claude Mangen

Bekanntlech kieren déi nei Biesemen am beschten, an zënter d'FLTP, d'Federatioun vun de professionellen Theateren, sech mam Serge Tonnar en neie President ginn huet, kiert dësen direkt virun e puer viicht Dieren. An net ouni Erfolleg.

D'Theaterfest dëse September an der Abtei Neimënster war e grousse Succès a konnt och déi skepteschst Bühn iwwerzeegen, sech an Zukunft nach méi z'engagéieren. Déi net einfach Missioun vun der FLTP ass et, d'Intressie vun ënnerschiddleche Strukturen ze vereenen a Lobby ze maache fir den Theater zu Lëtzebuerg. Nieft all Mount der Zeitungsbeilag, déi duerchaus ze verbessere bleift, huet d'Federatioun sech donneschdes a freides 13. a 14. November an den Hale vun der LuxExpo um Kierchbierg op der 22. Foire de l'étudiant presentéiert. E sobere Stand am Theater-Schwaarz mat faarwege Requisiten, Kostumer, Maquettë vu Bühnebiller a bësschen hannerwands zwéin Ecranen, wou déi Intresséiert sech iwwer Theaterberuffer konnte schlau maachen. Op dëse Kuerzfilmer hu Lëtzebuerger Theaterschaffend iwwer hir Formatioun, hire Beruff an déi perséinlech Entwécklungen an Erfahrunge verzielt. Natierlech konnten d'Studenten och Informatiounsmaterial astiechen. Gleeft een deene Responsablen, war den Zoulaf enorm an d'Echoen nëmme positiv.

Fir artistesch Beruffer gouf zu Lëtzebuerg bis ewell vun offizieller Säit wéineg sensibiliséiert, obscho mer wëssen, datt d'Professionaliséierung vum Kulturbetrib sech déi lescht 15 Joer extrem entwéckelt huet. Zesumme mam Cedies, dem Centre de documentation et d'information sur l'enseignement supérieur, hat d'FLTP kierzlech eng intressant Informatiounsbroschür entwéckelt, déi Beruffer am Beräich Danz an Theater virstellt an doriwwer eraus konkret Adresse vu Formatiounszentren an Héichschoulen ubitt. Domat war den éischte Schrack gemaach an d'Presenz op der Studentefoire eng logesch Suite. Vill jonk Leit si sech net bewosst, datt et niewend dem Beruf vum Schauspiller, Dänzer, Regisseur oder Choreograph aner Beruffer ginn, wéi Decorateur, Kostümbildner, Maquilleur, Toun- a Luuchttechniker, Fotograf asw., wat alles eegestänneg Professioune sinn an eng seriös Formatioun viraussetzen. Den Theater brauch Kulturmanager, Fachleit an der Kommunikatioun, jo souguer den Theaterkritiker soll als Theaterwëssenschaftler oder Dramaturg forméiert sinn. Wéi de Serge Tonnar an engem *Tageblatt*-Interview richteg seet: „Eng Jobgarantie gëtt et net", mä wat fir e Secteur bitt déi schonn?

Meng Iwwerleeung fir dës Kulturchronik féiere mech nach enzwousch anescht. De CAL, de Cercle artistique Luxembourg, huet e Freideg 14. November am Kader vu sengem Hierschtsalon am CarréRotondes dem Kënschtler Frank Jons de Prix Pierre Werner zouerkannt, an dësem Artist domat zu enger gréisserer Ëffentlechkeet verhollef. Am Kader vun de Walfer Bicherdeeg hunn d'Editeuren en Donneschdeg de Buchpräis 2008 verginn. Iwwerhaapt kenne mer am Beräich Buch a Literatur zu Lëtzebuerg vill Éierungen, déi engem Buch oder Auteur nëtzlech kënne sinn. Souguer déi kriteschst Geeschter huelen dës Präisser mat Respekt entgéint. De Filmpräis ass all zwee Joer en Event, wou sech getraff an ausgetosch, a probéiert gëtt, deem Konschtberäich zu méi internationalem Glamour ze verhëllefen.

Den Theater dogéint deet sech schwéier mat Präisser a liwwert um Theaterfest dësen Hierscht mam „Gëllene Renert" direkt d'Antithes zu eppes, wat et net gëtt. Wéi wann ee sech misst schummen, eng aussergewéinlech Leeschtung am Theater ze priméieren. Wann déiselwecht FLTP awer

*De Claude Mangen ass Coordinateur vum Programm um radio 100,7. Kulturchronik um radio 100,7 all dënschdes um 7.55 an 12.50 Auer*

zu Avignon de Prix du public kritt, schwëllt och deem, deen näischt mat der KUFA-Centaure-Produktioun ze dinn hat, d'Theaterbroscht. Natierlech ass eng international Unerkennung wichteg, mä och national Theaterpräisser hätten hir Bedeitung. D'FLTP kéint aus de Feeler vun anere léieren an net op Persoune setzen, mä op déi innovativste Creatioun vum Joer, de beschten Decor, déi spannendst Kostümer, déi intressantst Ensemble-Leeschtung asw, et wier villes méiglech. Wéi d'Nora Koenig den Ënnerstëtzungspräis vum Institut grand-ducal, Section des arts et des lettres, krut, gouf an allen Zeitungen iwwer dës jonk Actrice geschriwwen a se krut vill Opmierksamkeet. Dat huet Selbstbewosstsinn geschaf a Perspektiven.

Wann d'FLTP hir Artisten mat enger kabaretistescher Schäin-Präis-Iwwerreechung onwichteg a kleng mécht, duerf hire President sech net wonneren, wann d'Press léiwer iwwer déi grouss international Stare schwätzt a schreift.

Et bleift ze hoffen, datt den Theater zu Lëtzebuerg an d'Zukunft méi selbstbewosst mat sengen Theaterschaffenden ëmgeet. D'Presenz op der Foire de l'étudiant war e richtege Schrack an dësem Emanzipatiounsprozess. ◆

radio 100,7 *Kulturchronik vum 18.11.2008*





## *forum*-Geschenkabo Weihnachten 2008

Hiermit verschenke ich ein Jahresabonnement der Zeitschrift *forum* ab Heft 282 an:

Name/Vorname:________________________________________

Straße:______________________________________________

PLZ/Ort:_____________________________________________

Der Preis für ein Geschenkabonnement beträgt 38 Euro. Die Rechnung geht:

Name/Vorname:________________________________________

Straße:______________________________________________

PLZ/Ort:_____________________________________________

Bitte einsenden per Post an *forum,* 52, route d'Arlon, L-1140 Luxembourg
oder per E-Mail an forum@pt.lu